**Evangelium vum 2. Adventssonndeg (Joer C)**

**Lk 3,1-6**

*G. Den Här sief mat iech all.*
*A. An och mat Iech.*
*G. Aus dem hellegen Evangelium nom Lukas.*
*A. Dir all Éier, Här.*

1 Et war am 15. Joer vum Keeser Tiberius senger Regierungszäit;
de Pontius Pilatus war Gouverneur vu Judäa
an den Herodes Tetrarch vu Galiläa;
dem Herodes säi Brudder, de Philippus, war Tetrarch vun Ituräa
a vun Trachonitis,
an de Lysanias war Tetrarch vun Abilene;
2 den Hannas an de Kaiphas waren deemools Hohepriister.
Dunn huet den Herrgott säi Wuert un de Johannes,
dem Zacharias säi Jong, deen an der Wüüst war, geriicht.

3 An de Johannes ass an déi ganz Ëmgéigend vum Jordan
eng Daf vun der Ëmkéier verkënnege gaang,
fir datt d'Sënnen nogelooss géifen,
4 esou wéi et am Buch vun de Wierder vum Prophéit Isaias
geschriwwe steet:
*Eng Stëmm rifft an der Wüüst:*
*Maacht dem Här säi Wee prett,*
*maacht seng Pied grued!*
5 *All Schlucht gëtt dann opgefëllt,*
*an all Bierg an Hiwwel gëtt ofgedroen.*
*Dat Krommt gëtt riicht,*
*an déi knubbeleg Weeër ginn ausgeglach.*
6 *An all Mënsch gesäit d'Rettung, déi vum Herrgott kënnt.*[a]

*G. Evangelium vun eiser Här Jesus Christus.*
*A. Dech, Christus, luewe mir.*

---

[a] *Is 40,3-5 LXX.*